Rapport de la séance du conseil communal

14 février 2024

Präsenzen

Jean-Luc Nosbusch (Buergermeeschter);

Bruno Grilo a Lynn Mossong (Schäffen);

Camille Hoffmann, Emile Wies, Andreza Sanguessuga, Thomas Fellerich, Anne Kohl-Kortum, Monique Kuijpers, Cindy Dichter an Annemie Loor (Gemengeréit).

Tessy Pena (Gemengesekretärin).

Ordre du jour

Informations diverses du collège des bourgmestre et échevins

/

A huis clos :

1. Démission du secrétaire communal.

D'Demissioun vum Tessy Pena gouf ugeholl.

2. Nomination d'un secrétaire communal adjoint.

Nominéiert gouf d'Tessy Pena.

3. **Nomination d'un secrétaire communal.**

Nominéiert gouf de Christophe Bastos.

Séance publique :

4. Approbation de modifications ponctuelles du règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites (rbvs)

Marc Rodesch, ingénieur technicien de la commune de Beaufort, donnera des explications

Nodeems de Gemengerot d'Bautereglement 2019 gestëmmt huet, sinn an der Tëschenzäit zu verschidden Ännerungen an Upassunge komm. Een Deel gouf schonns de 16. August duerchdiskutéiert an an der Tëschenzäit si weider Upassunge gemeet ginn. Zesumme mam Büro "Zeyen a Baumann", déi de Bebauungsplang ausgeschafft hunn, goufen déi verschidde Reglementer aktualiséiert an och eestëmmeg beschloss.

5. Don divers

Eestëmmeg huet de Gemengerot follgend Spende gestëmmt: Unicef 25 Euro; "Chrëschten am Sahel" 25 Euro; "Amnesty international" 25 Euro; "Les amis du Tibet" 25 Euro; "Clae" 25 Euro; "SOS Village d'enfants" 25 Euro; "Handicap international" 25 Euro; Croix Rouge 100 Euro; "Festival du Theâtre à Beaufort" 500 Euro (am Fall wou eng Demande fir de Festival 2024 erakënnt).

Divers

Weider Informatiounen, Themen a Froe waren:

- De Rapport vun der leschter Sëtzung ass publizéiert an hänkt och am Reider.

- Payconiq: Viraussiichtlech am Mee kéinten déi éischt Rechnunge mam QR-Code verschéckt ginn. Pro Rechnung gi 70 Centimes Kommissioun ofgehalen an d'Decisioun muss am Gemengerot gestëmmt ginn.

- Déi nächst Gemengerotssëtzung ass de 27. Mäerz, bei deem déi nei Mataarbechterin Lynn Brepsom wäert present sinn, an et wäert ee versichen de Punkt "huis clos" zum Schluss vun der Sëtzung op den Ordre du jour ze setzen.

- Bemängelt gouf, datt de Gemengerot de Kandidat net virdru gesinn huet an, datt den Numm zum Deel am Duerf bekannt war: Dës Kéier war et ee ganz sensibele Sujet an dat besonnesch well de Kandidat an der Géigend an der nämmlechter Funktioun als Gemengesekretär schafft an och den eenzege Kandidat war. An

dem Kontext gouf un de “secret professionell” erënnert respektiv, datt Interna och sollen Interna bleiwen. Erkläert gouf d’Prozedur bei den zwee éischte Punkten, déi néideg war well et sech an dësem Fall ëm déi nämmlecht Gemeng handelt.

- Um Parking beim Kummelsbau stinn déi ganzen Zäit verschidde Gefierer déi ganzen Zäit a blockéiere soumat Parkplaze bei Manifestatiounen am Kummelsbau. An deem Zesummenhank gouf d’Streeën a Schnéiraumen ugeschwat, grad esou wéi den allgemenge Wanterdéngscht an der Gemeng.

- Weider gouf matgedeelt, datt den ORT Mëllerdall mam Carole Hartmann eng nei Presidentin huet, et eng Rei Entrevue goufen ewéi zum Beispill mam CGDIS, dem Äishockeyveräin a mat der Jugendherberge-Zentral, mat deenen een an Zukunft eng Zort “Comité mixte” wäert bilden.

- Loyer Gebai vum Natur- a Geopark Mëllerdall: Déi aner Gemenge gesi kee Problem sech um Loyer ze bedeelegen an et ass een amgaangen eng Formule auszeschaffen.

Remarque générale :

Le présent rapport reproduit brièvement les décisions formelles prises par le conseil communal en sa séance du 14 février janvier 2024.

Les indications susvisées sont données sans engagement et sous toutes réserves.
En cas d’incohérence, d’erreur ou de divergence, seules les délibérations dûment signées par la majorité des membres du conseil communal font foi.

Beaufort, le 28 février 2024

Le collège des bourgmestre et échevins